
Communiqué intern - APEP

Léif Kolleeginnen a Kolleegen,

Mir hunn an de leschte Wochen a Méint eng Rei Feedback vun eise Membere kritt a mir sinn eis bewusst, dass jidderee vun eis vill Iwwerleeungen ustellt, wat de Sport a spezifesch de Schoulsport an dësen Zäiten ugeet.

Mir hunn eis als Comité warscheinlech genau déi selwecht Gedanke gemaach, laang diskutéiert, vill Mailen hin an hir geschriwwen a wëllen eis an dësem Sënn zu verschiddene Punkten äusseren.

Eng Positioun vun der APEP?

Jo, mir hu sécher eng Meenung zu deenen Themen, déi eis momentan concernéieren. Allerdéngs hale mer et weider fir sënnvoll, wéi an der Vergaangenheet, d'Sujet'en uerdentlech ze traitéieren, besonnen ze reagéieren an net an engem Ufall vun Entrëschtung an Aktionismus schnell aus der Héft ze schéissen. Mä, jo, och mir sinn entsat, schockéiert, enttäuscht a frustréiert iwwert déi eng oder aner Entwécklung!

Allerdéngs muss ee sech fir all eenzelne Punkt d'Froe stellen: Wéi reagéiere mer? Wat muss eise Message no bausse sinn a wéi kommunizéiere mer dee Message? Wee kann do e sënnvollen Adressat sinn? Wéini ass dee richtegen Zäitpunkt fir och en Impakt ze hunn? A wat soll dobäi erauskommen?

„Kee Schoulsport méi bis de 15.07.“

Dat war Ufank Abrëll eng brutal Ausso fir jidderee vun eis, awer an der Haaptsaach fir d'Kanner. Dës Decisioun ass eesäiteg geholl ginn ouni Récksprooch mat iergendengem. Donieft war awer nach e weidere vernichtende Message proklaméiert ginn: „Mir müssen elo di essentiell Saache maachen (Mathé a Sproochen), all di aner Saache sinn net wichtig!“ Di aner Fächer sollen de Schüler dann en Dossier ze maache ginn, dass d'Zensur vum 2. Semester net komplett lächerlech ass. An dann an engem Niewesaz, dass de Sport gestrach ass. Punkt.

Zumindest ass den Här Meisch dobäi kohärent mat senger Reform, well do hate mer jo och scho gewise kritt, wat eist Fach nach wäert ass.

Hei si mir natierlech rosen driwwer, deels frustréiert. De Moment ass awer wéineg ze huelen, well den Här Meisch (oder besser eis Regierung oder nach besser d'Santé(!)) huet dat ouni Récksprooch an ouni scheinbar Iwwerleeung decidéiert (zumindest mat engem eesäitegen an zimlech verkierzte Bléck op de Problem).

Schoulsport am 3. Trimester?

Deemno sollt ee sech jo d'Fro stellen, op mer eng Chance hu fir nach virum 15. Juli eppes ze errechen? An d'Fakte sinn:

- + D'Ëffentlechkeet wier sécher majoritär hannert eis. (Et soll een och d'Ëffentlechkeet net mat deene verwiesselen, déi op RTHell hir Commentaire schreiwen.)
- Déi sanitär Krise (wat en Ausdröck!). Lëtzebuerg bedreift esou en enormen Opwand fir d'Schüler ze trennen an ofzeschiermen (A-B Wochen, Oneway, Masken, Frupstut...) an ass net bereet, iergend e Risiko anzegoen. D'Konsequenze vun enger Ustiechung bei eis, wieren direkt siichtbar (a géife warscheinlech och zu engem Eclat féieren). Déi Konsequenze vu "6 Méint ouni Beweegung", déi jo eben och méi déifgräifend sinn, kënnen net sou einfach chiffriert ginn a sinn deemno net sou offensichtlech.
- D'Horairë sinn an alle Schoulen (eng Ausnam ass eis bekannt) mat grousem Opwand ëmgebaut a kompriméiert ginn. Do ass keng Plaz fir Sportunterricht. Awer net nëmme fir eis, mä och fir d'Atelieren an d'Optiounen. An domadder hu mer och keen Alleinstellungsmerkmal an dëser Diskussioun méi. Mir kënnen also net behaapte mir wieren déi eenzeg, déi gestrach goufen. D'Konsequenz huet ee lo scho bei der Instruktioun vum Ministère zur Evaluatioun gesinn. Well et do net exklusiv em de Sportunterricht geet, mä em all di Fächer di ausfalen, dofir steet dran, dass d'Schüler d'Recht hunn, en Dossier ze maachen, wat d'Optiounen an d'Atelier'en zwar mat deenen aneren "onwichtigen" Niewefächer alignéiert, mä net onbedéngt an eisem Sënn ass.
- An de meeschte Schoulen si mir d'Lückefüller a mussen d'Surveillance garantéieren (cf. ënnen). Dat dierft bei iech net anescht sinn. D.h. ouni eis "Manpower" géifen déi meescht Schoulen deen neien Aarbechtsopwand net gestëmmt kréien.
- D'Fro stellt sech, wéi eng Relance vum normale Sportskurs organisatoresch géif ausgesinn? Gesat de Fall si géifen all de Klassen vun haut op muer nees de Sportunterricht accordéieren, dann hätte mer bis de 15.07. d'Schüler nach 2 bis 3 mol an engem klenger Grupp bis 15 Schüler a mat de Virgaben wéi dat och am Veräinssport fir de Moment ass: Distanz 2m, keng Vestiären a kee gemeinsaamt Material, Desinfektioun no all Benëtzen vu Material... A jo, jidderee vun eis ka sech do Saache virstellen, wat ee kéint mat hinne maachen, mä wier dat realistesch fir de komplette Schoulbetrib? A wa mer éierlech sinn hätt dat mat eisem normale Cours jo och net vill ze dinn.
- Duerch di strikt Regroupéierung an d'Sträichen oder d'Verhënnere vun allen anere Kontakter ass och eng Sportsektioun (bspw. MTB, Escalade, Fitness...) eigentlech net denkbar, mä awer warscheinlech dat eenzegt, wat ee sech nach virum 15.09. kéint virstellen. Et gesäit duerno aus, wéi wann de Ministère an dësem Punkt muer eng Decisioun géif huelen.

Deemno ass et onkloer wat mir iwwerhaupt elo aktuell kéinten errechen. (cf. ënnen)

Och de néidege Moyën wier aktuell a Fro ze stellen: D'Fuerderung un den Här Meisch fir de Sportunterricht direkt nees anzeféieren, bréngt näischt (villäicht de Message: Gitt den Direktiounen d'Méiglechkeet Sportsektioun ënnert spezifesch Bedingungen unzebidden). D'Chamber ze interpelléieren bréngt och näischt, well aktuell lauschtere se mol net méi op déi. D'Ëffentlechkeet ass schwéier ze mobiliséieren an huet och allgemeng net deen Afloss deen ee mengt (cf. ë.a. Communiqué BLG vum 9.06.), well d'Regierung mécht duerno awer wéi se wëllen (an dat grad elo während dem Etat de crise).

D.h. mir hu weder Afloss op di aktuell Situatioun, nach de Moyen, fir dass duerno eppes Gescheites dobäi erauskënnt.

Exit-Strategie Sport

Esou eng Strategie hu mer leider net proposéiert kritt. (Grad wéi mer och an allen anere Beräicher keng Exit-“Strategie” hunn!). Mir hu just Virschräfte vun enger momentaner Etapp (oder Phase). D’Pressekonferenz vum Här Kersch virun e puer Woche war un Inkohärenz an Inhaltsleere kaum ze iwwerbidden. Kee Plang, keng Perspektiv, keng Wäitsicht. Déi publizéiert Lëscht mat Sportaarte war just peinlech lächerlech. Mä dat reit sech alles un dat un, wat eis Regierung als Exit presentéiert huet. Just d’Virgaben a d’Form vu Verbueter. Konkret Unhaltspunkten a Perspektiven: Fehlanzeige.

An un esou eppes kënne mir eis jo schlecht undocken. D.h. mir müssen op de Wee goen, déi d’Federatiounen elo hu misse goen, nämlech selwer definéiere wéi et an der Praxis soll/ka goen.

Am Kontext vun der Reprise vun de Jugendtrainer, déi fir verschidden Outdoorsportaarten, bspw. fir de Fussball (zumindest theoretisch) zënter dem 9.05., a fir quasi all Sportarten zënter dem 27.05. rëm (mat Oplagen) méiglech sinn, ass et grotesk, dass all Animateur a Jugendtrainer elo "auf wundersame Weise" déi néideg héich Qualifikatioun a Sensibilitéit zougesprach gétt Trainer ze encadréieren a mir als Sportsproffen awer weider ënnersot kréien eis Sportsours'en ze halen.

Och dee kierzlech (4.06.) publizéierte “Plan de relance Sport” mat sengem 5 Milliounen-Invest weist, dass et alt nees net ëm d’Saach, mä just em de wirtschaftleche Faktor vum Sport geet. Hei ass de Punkt 5 dat, wat mir schonn zënter Joere fuerderen, nämlech konkret Sportsprojet'en an de Gemengen no dem bekannte Modell (wéi de MUMO oder de Sportkreess-Attert). Dat huet awer näischt mam Corona-Virus ze dinn. An am Punkt 6 fuerderen se elo d’Federatiounen an d’Veräiner op, Aktivitéiten ze organiséiere fir déi Kanner, déi net sportlech aktiv sinn (also déi, déi se virrunner och schonn net ze pake kruten, bzw. fir déi keng Ressourcen (Manpower an Infrastrukturen) do waren).

Eng Perspektiv fir de Schoulsport

Eist Ziel muss et also sinn, eppes ze presentéiere wéi mir (ënnert alle Konditiounen!) de 15.09. kënnen a souguer "mussen" ufänken. An dat muss bei eis sinn: ouni Masken, mat Vestiaire, mat ganze Klassen an ouni en Accord vun den Elteren ze froen! Mä wat een do fuerdert, hänkt maassgeblech vun der Entwécklung of. (Wann di “Sanitaire crise” sech massiv géif verschlechteren an den Etat de Crise géif relancéiert ginn, wier natierlech nees alles anescht.) Et sollt jidderengem kloer sinn, dass mer aus haiteger Siicht scho musse kämpfen, fir net och nach de 15.09. a Fro gestallt ze ginn.

Dat heescht, dass mer proaktiv dem Ministère mat Nodrock eng Propose musse maachen, wéi mer eis d’Relance vum Schoulsport de 15.09. virstellen.

Dofir ass et wichteg, dass mer eng sachlech Analyse vun der Situatioun entaméieren. Momentan hu mer jo all och eng eege Meenung (an déi dierften net wäit ausernee goen), mä mir müssen dat duerno cibléiert kommunizéieren.

Hei schielen sech zwee Messagen (oder Fuerderungen ob zwee verschiddene Niveau'en) eraus:

Relance vum Schoulsport

(1) Kuerzfristeg Fuerderung un de MENJE: de Sportunterrecht, grad wéi d'Sportsektiounen an d'LASEL si wichteg a mussen ënnert allen Ëmstänn an der Schoul oprecht erhale ginn. Mir kënnen dat net am Homeschooling maachen, mä mir musse mat de Kanner am Sall, dobaussen oder an der Piscine schaffen. An an deem Kontext muss ee selbstverständlech och déi ernimmte Relance vum Schoulsport an déi entspreichend Bedingunge kloer stellen.

E Recht op Bewegung

(2) Laangfristeg Fuerderung un di komplett Regierung: di unilateral Ausrichtung déi den Educatiounministère an der Bewegungsförderung ageschloen huet, nämlech fir just nëmmen op eng frühkindlech Erzéiung an den non formale Beräich ze setzen, ouni d'Problemer vun der Primärschoul (Quantitéit a Qualitéit) an am Lycée (an der Haaptsaach Quantitéit) unzegoen, ass massiv a Fro ze stellen.

All Mënsch huet e Recht op Bewegung an dat gëllt a besonneschem Mooss fir Kanner a Jugendlecher, déi an enger Phase sinn, wou se Spaass un der Bewegung solle kréien an eng Responsabilitéit fir hiert eegent Bewegungsverhalen sollen erléieren, bzw. entwéckelen. Dat ass, an dat hu mer all an dësen Zäiten nëmmen all ze gutt misse gesinn, beileiwe kee Selbstleefer. Et ginn ze vill Kanner, déi bei der Rentrée den 15.09. duerch d'Corona-Mesuren (Sträiche vum Schoulsport, Schléisse vu sämtleche Spillplazen a Sportsinfrastrukturen an d'Ënnerbanne vu soziale Kontakter) während 6 Méint absolut keng Bewegung méi haten.

Nieft deenen Auswierkunge vum Bewegungs-Lockdown huet eis Gesellschaft awer weiderhin e gesondheetlechen (eis Regierung géif soen "sanitaire") Problem. An zwar sinn dat déi Krankheeten, déi e gesellschaftleche Wandel an de leschten 100 Joer an domadder verbonnenen verännerte Liewensstil mat sech bréngen (Stéchwuert Zivilisatiounskrankheeten). Mir hate gemengt mir géifen et fir d'éischt am Portmonni mierken, wann eise Krankesystem net méi bezuelbar wier (Bewegungsmauer!). Elo mierke mer et awer schonn éischer, well mer duerch de COVID-Virus mat eppes konfrontéiert gi sinn, wat méi einfach ze geréiere wier, wa mer bei den Zivilisatiounskrankheete besser ofschnaide géifen. Wa mer d'Mass un Zivilisatiounskrankheete wesentlech verbessern, hu mer méi eng kleng Mortalitéit bei zukünftege Pandemien (awer och generell!).

Natierlech ass de Message, dass mer an Zukunft net méi laanscht eng aktiv a bewegungsfreedeg Gesellschaft kommen, an dass dat kee Selbstleefer ass, schwéier ze vermëttelen. An deem Sënn ass sécher och de Gesondheitsministère en Uspriechpartner.

De richtegen Zäitpunkt

Mir kommen net derlaanscht eng breet Analyse ze maachen an dat dann op verschiddene Plazen an zum richtegen Zäitpunkt op den Dësch ze bréngen. Aktuell schéngt et wéi wann nach ëmmer just d'Santé an hiren Expertegrupp alles en solitaire decidéiert an diktéiert. Dat weist, dass mer aktuell virum Hannergrond vun dësem Virus an enger erwaarter zweeter Well, keng Aussicht op ee konkret Resultat hunn.

Sécher ass awer, dass mir net dierfe bis de 15.09. waarde fir da nees viru vollendet Tatsaache gestallt ze ginn, wat d'Bedingunge vum Schoulsport 20/21 uginn. Erfreelech ass an dësem Sënn, dass iwwer de Wee vun enger Motioun vun der CSV gefuerdert gouf, dass mir sollten an der Chamberkommissioun agebonne gi, fir do iwwert de Schoulsport ze diskutéieren.

De Sportsproff als Lückenfüller an der Krise?

Et sollt een dovunner ausgoen, dass et fir de MENJE e glécklechen Zoufall war, dass do ee Fach "fräi ginn ass" fir "d'Corona-Aarbechten" ze iwwerhuelen. (...well d'Santé huet sécher déi Decisioun geholl an et wier säit laangem di éischt wäitsiichteg Decisioun vun eisem Ministère.)

Natierlech hu mir weiderhin aarbechtsrechtlech keng Chance an dësem Punkt iergendeppes ze reklaméieren. Souguer de Supergau mat 40 Stonne Surveillance oder Administratioun, misste mer iwwert eis ergoe loossen. Mä selbstverständlech ass och alles anescht, wou mir hin an hir gedréckt ginn an als Lückenfüller mussen agéieren, net glécklech. Een deen en hallwe Congé parental huet an elo net 11, mä 14 Stonnen an der Schoul present muss sinn, an/oder zu aneren Zäiten, deen ass do zimmlech schlecht drun. Gott sei Dank hu sech esou repressiv Moosnamen an deene meeschte Gebaier, vun deene mir Réckmeldung kruten awer a Grenze gehal.

Et liicht och an, dass e "Protest" kontraproduktiv wier an net nëmmen an der Éffentlechkeet, mä och bei eisen Direktiounen a Kolleegen net gutt u géif kommen. Nichtsdestotrotz sollt een dat an enger Diskussioun mam Här Meisch awer net vergiessen a mir wäerten do scho kloer stellen, dass et net selbstverständlech ass, dass e komplett Fach an der Schoul Pompjee muss spillen.

Et muss awer och gesot ginn, dass mer och ganz positive Feedback kruten, dass Direktiounen a virun allem d'Kolleegen aus den anere Fächer eis "Pompjees-"Aarbecht ze wüerdeg wëssen an dankbar sinn. Dat entsprécht dem Bild, dee mir als Sportsproffen dobausse sollen hunn, nämlech net e Fachidiot dee just mat de Kanner e bësse spillt, mä en dynameschen, flexibelen Enseignant, deen och mol e Franséisch-, Mathes- oder Zeechecours kann halen.

Sief nach erwänt, dass de Sport och just op legaler Basis konnt gestrach ginn, well mer en "Etat de crise" hunn. De Sport war jo offiziell ëmmer nëmme ganz ageschränkt méiglech. Lues a lues probéieren awer elo och nees d'Veräiner an d'Federatiounen, deals mat grousem Opwand, eng Relance ëmzesetzen, wat och net einfach ass.

Dat bescht draus maachen...

..., dat kléngt natierlech ëmmer gutt, mä ass momentan immens schwierig. Et sollt een och net higoen an elo d'Beméie vu verschiddene Schoulen, déi probéiere Measure ze huelen fir eppes am Kader vum Sportunterrecht oder am parascolaire Beräich kennen ze offréieren, ze kritiséieren an un de Pranger ze stellen. Et wier sécher de falsche Wee elo géint Kolleegen ze hetzen, déi probéiere fir an hirer spezifescher Situatioun awer eppes ze errechen, obschonns et national ënnersot ass. Dat kéint souguer eng gutt Chance si fir esou "Bewegungslücken" och fir aner Schoulen ze erschléissen (z.B iwwer de Wee vu Sportsektiounen) an éischt (hoffentlech positiv) Erfarungen ze maachen, déi eis bei der Argumentatioun en vue vun der nächster Rentrée hëllef kéinten. Déi rezent Lockerungen (Pressekonferenz 10.06) am Kader vum Déconfinement kéinten eis an d'Kaarte spille fir eis Forderungen ze ennermauern. An

dobäi kucke mer net tatenlos no, mä mir ginn op de Ministère duer mat konkrete Proposen fir d'Rentrée an der Fuerderung agebonnen ze ginn.

Mir setzen all an engem Boot!

Jidderee vun eis ass mat deem selwechte Problem konfrontéiert, och wann et weider esou wäert sinn, dass mer ganz ënnerschiddlechen Aarbechtskonditiounen a -bedingungen wäerten ënnerleien. Dat soll eis awer net dovunner ofhalen, fir als Communautéit gemeinsam fir d'Bewegungsförderung bei de Kanner, Jugendlechen a generell an der Gesellschaft ze kämpfen.